



**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7356 vum 9. Dezember 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser an vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.**

1. Kann d'Regierung confirméieren datt et méi heefeg zu Volen an de Spidolszëmmeren kënnt? Wa jo, wéi soll dorobber reaqéiert ginn?

Den Gesondheetsministère huet keng Informatiounen zu erhéijten Zuelen vun Volen an den Spideeler. Mat Installatiounen vun Kameraen an sensibelen Beräicher vum Spidol an dem Asatz vun Gardiennage Personal probéieren d'Spideeler potentiell Täter vun Volen ofzehalen.

2. Ass der Regierung bekannt dass d'Gewalt géint d'Gesondheetspersonal zougeholl huet? Wa jo, wat gétt dogéint ënnerholl?

Den Gesondheetsministère huet keng iwwergraifend Informatiounen zu erhéijten Zuelen vun Aggressiounen an den Spideeler. Et ass awer gewousst dass d'Aggressivitéit an der Gesellschaft een Phänomen ass deen leider net am Spidol kann évitéiert ginn. Notamment d'Urgencen vun den Spideeler sinn betraff an et gétt vun den Spidolsdirektiounen een konsequenten Suivi vun eventuellen Aggressiounen gemaach. Zur Sécherheet vum Personal hëlleft den Asatz vun Gardiennage Personal potentiell Aggressiounen ze évitéieren.

3. D'Patientenopkommes an den Urgence vun de Spideeler ass bannent e puer Joer ëm 40% an d'Lut gaangen. Wéinst den doduerch verlängerte Waardezäiten kënnt et méi heefeg zu Agressiounen géint d'Dokteren a Fleegepersonal. Ass d'Regierung net der Meenung dass deem Problem séier entgéint gesteuert muss ginn?

D'Waardezäiten an den Urgencen sinn an deenen lëschten Méint an d'Luucht gaang bedéngt duerch die grouss Unzuel vun Patienten an den Urgencen. Allerdéngs gétt den 'Tri de gravité' vun den Patienten séier duerchgefouert. Deementspriechend ginn déi Patienten, déi eng séier Prise en charge benéidegen, ëmmer prioritär ënnersicht.

D'Patienten, fir déi eng normal Consultatioun duer geet, mussen deementspriechend waarden bis d'Patienten mat engem méi schlëmmen Krankheetsbild traitéiert goufen.

Et sief drop higewisen dass eng Verbesserung vum Accès zu den Médecine primaire duerch d'Erméiglechung vun cabinets de groupe vun Generalisten an och den Réaménagement vun den Maisons médicales sollen sécherstellen dass d'Patienten nëmmen an Noutfäll an d'Urgencen vun den Spideeler ginn. An den Spideeler am Zentrum vum Land ass zënter dem 1.6.21 eng parallel Dagesgarde 7h-17h en place gesat ginn.

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2023

D'Gesondheetsministesch  
(s.) Paulette Lenert